LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Fonction publique

**Äntwert vum Här Minister fir d'Fonction publique, Serge Wilmes, op d'parlamentaresch Fro n°4531 vum 24.07.2026 vum honorabelen Deputéierte, Marc Goergen, iwwert d'Absentéisme dans la Fonction publique**

**1. Existéieren Analysen (punktuell oder reegelméisseg)iwwert den Taux d'absentéisme am ëffentlechen Déngscht, déi mat de Publikatioune vun der IGSS fir de Privatsecteur vergläichbar sinn?**

**- Falls jo, wou ginn dës Etüde veröffentlecht?**

**- Falls nee, firwat net an ass d'Regierung bereet, eng reegelméisseg ëffentlech Publikatioun iwwert den Absenteismus am ëffentlechen Déngscht anzeféieren?**

De Ministère fir d'Fonction publique verfüügt aktuell nach net iwwert zentraliséiert Donnéeën, fir en ëmfaassenden Iwwerbléck iwwert den Taux vum Absenteismus an der Fonction publique ze hunn.

Aktuell benotzen d'Ministèren an d'Verwaltunge verschiddenen Informatiksystemer, déi net openee ofgestëmmt sinn. Fir dëse Manktem ze behiewen, gouf de Modul MyRH-Time, deen am Personalportal myRH integréiert ass, entwéckelt.

De Regierungsrot huet a senger Sëtzung vum 28. November 2025 beschloss, dësen zentraliséierte System zur Zäiterfassung an Zäitverwaltung an alle Ministèren a Verwaltunge vum Staat bis Enn 2027 anzeféieren, mat Ausnahme vun der Police, der Arméi, dem domaine vun der Educatioun, a fir verschidden Direktioune vum Ausseministere, fir déi d'Méiglechkeete vun enger Interoperabilitéit an enger Integratioun mat de bestoende Systemer analyséiert gi fir bestehend Investissementer a spézialiséiert Fonctionnalitéiten z'erhalen.

Vum 1. Januar 2027 u soll den zentraliséierten Zäiterfaassungssystem fir 6.700 Agentinnen an Agenten operationell sinn. Bis Enn 2027 kommen nach weider 8.000 Agentinnen an Agenten dobäi

Lëtzebuerg, de 21.08.2026

De Minister fir d'Fonction publique

(s.) Serge Wilmes

10, avenue John F. Kennedy
L-1855 Luxembourg
Tél. (+352) 247-83100
B.P. 1807
L-1018 Luxembourg
www.fonction-publique.public.lu